



N°4341
Reçue le 21/05/2021
Déclarée recevable le 21/05/2021
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21/05/2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Déi däitsch Johanniter hunn viru kuerzem ee Projet virgestallt, dee verhënnere soll, dass voyeuristesch veranlaagt Persounen bei engem Accident d'Aarbecht vun den Ambulancierem behënneren. Mat QR-Coden, déi un d'Ambulanz, un de Rucksäck vun den Ambulancierem an op mobillen Unfallschutzwänn vun de Johanniter gepecht ginn, solle Persounen, déi versiche mam Handy den Accident ze filmen, automatesch ee Message op hiren Handy geschéckt kréien. Dëse Message mécht si drop opmierksam, dass hiert d'Handelen de Sanitäter hier Aarbecht behënnert a strofbar ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zur Aféierung vun esou engem Projet zu Lëtzebuerg?
2. Wier esou ee Projet och zu Lëtzebuerg ëmsetzbar?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 22 juin 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n° 4341 du 21 mai 2021 de l'honorable Député Marc Goergen concernant un projet contre le voyeurisme des accidents

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 4341 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet „Projet contre le voyeurisme des accidents“

D'Aféierung vun sou engem Projet beim nationale Rettungsdéngscht géif an der Kompetenz vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) leien.

Och wann d'Regierung an de CGDIS d'Iddi vun den däitsche Johanniter luewenswäert fannen, ass sou e System fir de Moment zu Lëtzebuerg net geplangt. Zorzäit gëtt verstärkt op d'Preventioun an d'Oplklärung gesat. Dëst kann an de Schoulen a Fahrschoulen, awer och während allgemenge Formatiounen, wéi dem Éischt-Hëllef Cours, sinn.

2018 huet de CGDIS eng eenheetlech *Identité visuelle* fir seng Asazgefierer entworfen, mam Zil, d'Sécherheet vum Personal ze garantéieren, an dat souwuel am Dag wéi och an der Nuecht. De Rëmerkennungsfaktor vun de Gefierer soll dofir suergen, dass d'Leit den Eescht vun der Situatioun erkennen an d'Pompjeeën net behënneren.

Iwwerdeems benotzt de CGDIS Sichtschutzwänn, fir d'Victimë viru Gaffer ze schützen.